## ALL ALTERSKATEGORIEN

**De Gesang vun der Bëschléierchen [LU, DE, FR]**
*Wéi kann ee sech fir den Erhalt vun hallef oppene Liewensraim a protegéierten Aarten asetzen?*
Nodeems se de Wanter a Südeuropa verbruecht huet ass d'Bëschléierchen nees zeréck am Minett. Well se um Buedem bréit ass si besonnesch vulnerabel a braucht eise Schutz. Zesummen entdecke mer am Naturschutzgebitt Lallengerbierg dëse Schatz.
**Wéini:** 27.03.22 vun 8h30 bis 11h30
**Rdv:** um Peking vum Stade Jean Jacoby, Schëffleng
**Mat:** Jan Herr, Biolog, Gestionnaire Natura 2000 "al Dagebau-gebitter", Administration de la Nature et Forêts (ANF)

**Naturschutz am Minett [LU, DE, FR]**
*Wéi kënnen Naturschutzgebitter valoriséiert a geschützt ginn?*
Aarte virum Ausstierwe schützen, Liewensraim erhalen an nees hierstellen, Ökosystemdéngschtleeschtunge verbesseren an déi biologesch Diversitéit schützen - liewenswichteg fir eise Planéit. Wat dat op lokalem Niveau bedeit, gi mir um Beispill vum Naturschutzgebitt Giele Botter gewuer.
**Wéini:** 19.06.22 vun 9h00 bis 11h00
**Rdv:** Parking vum Waasserbaseng, rue Titelberg, Nidderkuer
**Mat:** Jan Herr, Biolog, Gestionnaire Natura 2000 "al Dagebau-gebitter", Administration de la Nature et Forêts (ANF)

**Rocklines [LU, FR]**
*E wëssenschaftlech a sensibelen Usaz. Wéi liest een eng Landschaft?*
D'Geografie ass eng Wëssenschaft vun der Perceptioun a mir hunn e Besoin, nees ze léieren, wéi een enger Landschaft nolauschtere kann, fir esou hir Geologie an eis Geografie vun den Emotiounen z'erfuerschen. De Minett ass eng ideal Plaz, fir iwwer d'Bedeitung nozedenken, déi mir haut enger kënschtlech geschaafter Landschaft kënne ginn a fir nozedenken iwwert d'Connectioun tëscht Mënsch an Natur am Allgemengen.
**Wéini:** ze confirméieren
**Wou:** Minett Trail
**Mat:** Robert Weis, Geolog und Geopoet am 'naturmusée', Lise Landrin (Geographin, Universität Luxemburg)

**Urban Biodiversitéit: Entdeckt déi wëll Flora an de Quartiere vun de Stied [FR]**
*Wéi komme wëll Blummen an eng Stad?*
Op engem Trëppeltour invitéiert de Botaniker d'Participanten driwwer nozedenken, wéi sech d'Planzen, déi ze fanne sinn, sech un déi urban Bedingungen ugepasst hunn. Wéi kann ee sech tëscht dausende vu Planzen erëmfannen: léieren, déi grouss Famillen, Gattungen, Zorten an hir léifste Liewensraim z'ënnerscheeden.
**Wéini:** 22.05.22 zu Käerjeng & 29.05.22 zu Beetebuerg
**Dauer:** 2 Stonnen (vun 15h00 bis 17h00)
**Mat:** Sound-Ecology

**Wéi d'Natur d'Iwwerhand gewënnt [LU, FR]**
*Wéi méchs een eng Bestandsopnam vun der Vegetatioun? Wéi verleeft eng ökologesch Successioun an alen Dagebaugebitter? Wéi eng Roll spillt dës fir d'Biodiversitéit vun dëse Gebitter?*
Nom Enn vum Dagebau, sinn dës Plazen no an no nees vun der Natur eruewert ginn. Huelt d'Roll vun engem Botaniker un an observéiert wéi verschidde Planzenzorten no an no dës Plazen nees rekolonialiséieren.
**Fir:** jiddereen (trëppelen an an d'Knéie goen ouni Probleemer), max. 12 Persounen
**Wéini:** 22.05.22 (LU) & 05.06.22 (FR)
**Dauer:** 2 Stonnen (vun 9h30 bis 11h30)
**Wou:** Diddeleng Haard
**Mat:** Laura Daco, Botanikerin am 'naturmusée'

*Kontaktéiert eis fir Umeldungen, fir eng Gruppeformatioun oder fir eng pedagogesch Sortie z'organiséieren.*


minell@minett-biosphere.com
T: +352 261797-1

Syndicat PRO-SUD
6, Ellergronn
L-4114 Esch-sur-Alzette

**www.minett-biosphere.com/projects-page/minell**



Isabelle Mattern Studio

MINETT UNESCO BIOSPHERE
E Label vu pro sud
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire
anf administration nature & forêts
Fonds National de la Recherche Luxembourg
FOUNDATION Bildung brauch d'Gesellschaft
SICONA Naturschutzsyndikat
SCRIPT
LISER
natur musée mnhn.lu


*D'Minett UNESCO Biosphere presentéiert:*

# NATUR LAB

MiNELL
MINETT NATUR
AN EMWELT
LÉIER LAB

## D'Naturwëssenschafte fir de Public förderen

***Bierger a Jonker duerch experimentellt Léieren dozou z'encouragéieren, nei Bezéiunge mat der Natur opzebauen***

***Ënnerstëtzung vun der Ëmwelterzéiung am Kontext vum formellen, dem non-formellen an dem informelle Léieren***

***Dat natierlecht Ierwe vun der Südregioun ze valoriséieren***

*MiNELL ass e Projet vun der "Minett UNESCO Biosphere", dee vu PRO-SUD koordinéiert gëtt. De Gemengesyndikat fir d'Förderung an Entwécklung vun der Südregioun. Beetebuerg, Déifferdeng, Diddeleng, Esch/Uelzecht, Käerjeng, Käl, Monnerech, Péiteng, Rëmeleng, Schëffleng, Suessem.*

# AUSBILDUNG VUM LÉIERPERSONAL

**Léieren Dobaussen [LU, DE, FR]**
*Léierpersonal aus der Grondschoul an dem Secondaire beim Léiere vu Naturwëssenschaften un der frëscher Loft z'ënnerstëtzen.*
Duerch d'Schafe vu Brécken tëscht Pedagogen a Wëssenschaftler kritt d'Léierpersonal déi néideg Moyene fir d'Natur an der Noperschaft vun hirer Schoul z'observéieren an d'Particularitéite vun der Biodiversitéit vun der Minett UNESCO Biosphere kennen ze léieren. Theemen: Fauna a Flora vum Minett, urban Biodiversitéit, Erhale vun Naturschutzgebitter, Päiperleken, Geologie, ökologesch Restauréierung, Ökologie vu seelene Planzen, Moosflora, de Bam, Kiewerleken, Vigel, Ausséinen a Recolte vun enger Blummewiss, d'Konscht vum Herbarium.
**Fir:** Léierpersonal aus der Grondschoul an dem Secondaire, Educatricen an Educateuren
**Wéini a wou:** ass ofhängeg vum gewielte Sujet an op Ufro fir d'Léierpersonal aus de Schoule vun den 11 PRO-SUD Gemengen. Méiglechkeet, pedagogesch Visitte fir d'Schoulen aus dem Land z'organiséieren
**Mat:** wëssenschaftleche Mataarbechter, SCRIPT

**Wëll Orchideeën: se kenne fir se besser ze schützen [LU, FR]**
*Wéi erkennt een déi verschidden Zorten aus der Famill vun den Orchideeën? Wéi funktionéiert hire Liewenszyklus a wéi interagéiere se mat hirer Ëmwelt? Wat sinn hir ökologesch Particularitéiten a wéi kann ee se schützen?*
Orchideeë sinn eng Famill vun Aarten, déi besonnesch belieft awer och menacéiert sinn. Hei léiert een se z'erkennen an z'identifizéieren an et gëtt ee méi iwwert hir aussergewéinlech ökologesch Charakteristike gewuer.
**Fir:** Pedagogescht Personal, max. 12 Persounen
**Dauer:** 2 Stonnen
**Wéini a wou:** gëtt nach matgedeelt
**Mat:** Laura Daco, Botanikerin am 'naturmusée'

**Entdeckung vun den Nolbeem [FR]**
*Wéi erkennt een déi verschidden Zorte vun Nolbeem?*
Bei enger Visitt am Arboretum zu Rëmeleng léiert een op der Plaz wéi een en Herbarium maache kann. Den Arboretum, e fréieren Dreckstipp nieft dem Stadpark, ass 1993 duerch d'Oftippe vu Leem a Buedem hei ugeluecht ginn.
**Fir:** Pedagogeschen Ausfluch fir de Secondaire, op Demande
**Dauer:** 2-3 Stonnen
**Wou:** Rëmeleng
**Mat:** Sound-Ecology, ANF

**Urban Biodiversitéit: Entdeckt déi wëll Blummen an de Quartiere vun de Stied [FR]**
*Wéi komme wëll Blummen an eng Stad?*
Op engem Trëppeltour invitéiert de Botaniker d'Participanten driwwer nozedenken, wéi sech d'Planzen, déi ze fanne sinn, sech un déi urban Bedingungen ugepasst hunn. Wéi kann ee sech tëscht dausende vu Planzen erëmfannen: léieren, déi grouss Familen, Gattungen, Zorten an hir léifste Liewensraim z'ënnerscheeden.
**Fir:** Léierpersonal an/oder pedagogeschen Ausfluch ronderëm eng Schoul, op Demande
**Wéini:** Mee / Juni
**Dauer:** 2 Stonnen
**Wou:** Urbane Milieu
**Mat:** Sound-Ecology

**Liewensraum a Biodiversitéit an de fréieren Dagebaugebitter vum Minett – Eng Ausfluch mam Schwéierpunkt „Entwécklung a Renaturéierung" [DE]**
*Et geet ëm d'Rekonversioun vun den ale Minett-Dagebaugebitter duerch Planzen an Déieren, hiert Entstoen an den Erhalt vun der aktueller Diversitéit, Spezifizitéit a Schéinheet vun de Gebitter. Dobäi kommen d'Grondzich vun der Planzebestëmmung an dem Kartéiere vu Vegetatiounstypen.*
D'Diddelenger Haard steet als Beispill fir Dagebaugebitter, déi sech fir d'éischt emol selwer iwwerlooss goufen. En Tuer vu ronn dräi Stonne weist typesch Liewensraim an eng grouss Unzuel vu charakteristesche Planzen. Hir Bedeitung fir divers Déieren(-zorte) spillt och eng Roll.
**Fir:** Erwuessener, bitt sech un als „formation continue" fir Léierpersonal an Natur- oder Ëmweltpedagogen
**Wéini:** Ufank Juli
**Mat:** Thomas Frankenberg, Diplom-Geograph, SICONA

**Mooser: Onscheinbar awer wichteg Biodiversitéitspionnéier [LU, DE]**
*Mooser gehéieren zu den éischten, déi all méiglech ökologesch Nischen besetze kënnen. Si sinn e wichtege Faktor beim Entstoe vun neie Liewensraim fir Déieren a Planzen. Verschidde wichteg, an un hire Liewensraum ugepasste Mooser, ginn, ënnert der Lupp, um Terrain erfuerscht.*
Kuerz Aféierung an d'Biologie an d'Ökologie vun de Mooser am Naturschutzzentrum Ellergronn. D'Haaptcharakteristike vun de verschiddenen Zorte gi presentéiert a kënnen ënnert dem Binokular observéiert ginn. Duerno Ausfluch am Ellergronn mat Decouverte vun de wichtegsten Habitater an hirer Moosflora.
**Fir:** Erwuessener, bitt sech un als „formation continue" fir Léierpersonal an Natur- oder Ëmweltpedagogen. Op Demande och fir Ofschlossklasse vun naturwëssenschaftleche Sektioun vu Lycéeën
**Wéini:** Hierscht 2022
**Dauer:** 4 Stonnen
**Wou:** Ellergronn
**Mat:** Atelier fir Ekologie a Moosfuerschung

# JONKE PUBLIKUM

**Minett UNESCO Biosphere Jugendforum [LU]**
*Wéi kann ee Jonker an Naturschutzprojeten abannen?*
E Weekend si jonk Bierger an engem Forum dobäi, dee vu jonke Fachleit organiséiert gëtt, déi passionéiert vum Ëmweltschutz sinn. Et gi participativ a kreativ Atelieren organiséiert, fir Léisungsvirschléi an de Beräicher ronderëm d'Probleemer vum Erhalt vun der Biodiversitéit auszeschaffen.
**Fir:** Lycéesschüler a jonk Professioneller an/oder jonk Engagéierter (Iwwernuechtung 18+)
**Dauer a Plaz:** Weekend vum 23. a 24.04.22 zu Lasauvage
**Mat:** UpFoundation, Youth4Climate, NaturEmwelt, Youth4Planet, move, Lëtzebuerger Guiden a Scouten, Ville de Differdange

**Street-Lab: Ass dat Urbaant organesch? [Programm Stroossekonscht, Workshop an Ëmwelteduкatioun] [FR]**
*E Workshop tëscht Stroossekonscht a Sozialwëssenschaften, fir en neie Bléck op den ëffentlech Raum an d'Natur, déi do ze fannen ass, ze geheien.*
Mat Outilen, déi der Allgemengheet zur Verfügung stinn, wäert d'Stad eruewert an kennegeléiert ginn, esou datt jidderee sech an hir beweegen a se verstoe kann. D'Erausfuerderung bei dësem Workshop: an der Beweegung organesch Verbindungen, déi am urbane Raum ofgeholl hunn, ze sammelen, z'erspillen an se zeréckzeginn. Um Schluss vum Projet steet eng multimedial Performance (Téin, Kierper a Biller), déi ëffentlech opgefouert gëtt.
**Fir:** Schoulgruppen, Jugendzentren oder informell Bildung, vu 16 Joer un
**Wéini:** September bis November 2022
**Dauer:** 12 Stonne Workshop; 1 Stonn Restitutioun in situ op der Strooss [bannent enger Woch oder engem Weekend]
**Wou:** urbane Milieu
**Mat:** Lise Landrin (Geographin, Universitéit Lëtzebuerg) an Julie Arménio (Regisseurin, Theatergrupp Ru'elles)

**Minett INK: eng graphesch Exploratioun vun der Biodiversitéit [LU, DE, FR, EN]**
*Wéi kann een op eng ëmweltfrëndlech a kreativ Manéier Kommunikatiounsmaterial fir d'Promotioun vun der Ëmwelterzéiung entwéckelen?*
Workshop mat Risographie, enger japanescher Drockprozedur, bei där Tënt benotzt gëtt, déi just aus Soja, ouni Léisungsmëttel, besteet, fir eenzegaarteg an onerwaart Bichelcher, Flyeren a Posteren ze kreéieren.
**Fir:** jidderee vun 9 bis 99 Joër
**Dauer:** op Ufro
**Wou:** 1535° Déifferdéng
**Mat:** Isabelle Mattern, Illustratorin